

WANDROUS

N° 336 Chrëschtmount / Haartmount 2011

décembre / janvier



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen den virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegem Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnit gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegem Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Stärenencamp



An den kaalen Nuechten virun den Chrëschtdeeg, wann een d'Stären sou kloër um Himmel gesäit wéi d'Sonn am schéinen Summer, solls du bei eis um Camp sinn an mat eis no dengem perséinlechen Stär sichen. Mir ginn zesummen duerch kloer Nueschten an fillen eis wei d'Laura mat séngem Stär. Mell dech séier un fir mat eis dësen onvergïesslechen Camp mat séngen schéinen stärechen Momenter ze erliewen!!!

Rendez-vous: Den 17.12.2011 um 15:00 op der Gare de Luxembourg

Schluss: Den 18.12.2011 um 15:00 zu Beetebuerg beim Scoutshome St. Luc


Material: Dem Wierder ugepassten Kleeder (Skibox!!!), deck Schong fir dobaussen, Reenjacket, Gamelle, Kichenduch, Ersatzënnerwäsch, Wäschaachen, Bidon, Jumboskaart oder 1 Ticket bis op Diddeléng an waat eis kleng Stärenfänkerten soss nach esou brauchen.

Präiss: **35€**, w.g.l.bis den 10.12.2011 op de Compte: Les Lions Bleus Asbl - Beaver (CCPL LU87 1111 2571 8942 0000) mat dem Stëchwuert Stärenencamp'11 + Numm vum Kand ze iwwerweisen.

Beaverklack:

Maiti, Lena, Nora, Vanda & Alizée

Heimat erlaaben ech _____ mengem klengen
Stärenfänkert _____ mat op den Chrëschtcamp vum 17.-
18.Dezember 2011 ze goën.



Ennerschrëft vun den Elteren

Summalahum

OH OHH ech wëll nët wëssen waat mäin
Zauberstaab dann lo erëm verzaubert huet!!
Ech hoffen nët méng zukünfteg Hexenmeeschteren
an Hexen, déi mer am Dezember bei mengen
Verschwörungen an Zaubertränk hëllefen sollen!
Du bass intresseiert un Magie an Zauberkonscht???
Dann ass daat hei deng Geleegeenheet! Mell dech
sou séier wéi méiglech un, an géff dësen Zauberbréif
un een vun déngen Cheffen. Meng Zaubercrew an ech
sinn schon ganz gespaant, wei eng Naturtalenter mer
am Dezember wärten entdecken!!
Bis geschwënn,



Baladinni Acceleratus

Rendez-vous: 17.Dezember 2011 - 14:00 op der Gare de Luxembourg

Retour: 19.Dezember 2011 - 17:00 op der Gare de Luxembourg

Material: Schloofsaack, Carrymatt, dem Wieder ugepassten Kleeder
deck Schong, Gamelle/Besteck, Ersatzënnerwäsch,
Taschenluucht, Wäschsaachen, JUMBO, E-GO-KAARF
oder 2 Daagesbilljets...

Präiss: 35 €, sinn bis den 10.Dezember 2011 op den Compte
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l.-Meute
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000




Deng Cheffenequipe: Claude, Prunelle, Breeze, Sophie

---SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE---



Heimat erlaaben ech
mengem groussen Zauberlehrling
.....
um Krëschtcamp den 17.-19. Dezember 2011
deelzehuelen an iwwerweisen d'Suen virum Camp.

Ennerschrëft:.....



Krëschtcamp Troupe

Krëschtcamp Troupe

Krëschtdaag Uechtert Welt Feierlecht Fëst

Krëschtdaag ass d'Zäit vum **Zesummen sinn** & zesummen feiren. Dozu gehéieren natirlech Kadoen, Iessen, vill Desserten an virun allem eisen **Krëschtcamp**. An wien wëllt do nët dobai sinn?

Feier mat eis den schéinsten Daag vum Joër, an huel Deel un eise ultimativen feierlechen

Krëschtdaagsiessen!!!



Rendez-vous? 27.Dezember 2011 um **9.15** op der Gare Centrale de Luxembourg

Retour? 29.Dezember 2011 um **17.00** op der Gare Centrale de Luxembourg

Wichteg Saachen: warmen Schloofsaack, waarm Kleeder (**Wanterjacket**, Flies, Thermo-ënnerwäsch ass nie schlecht!), **Biergschong**, warm wasserfest Box fir an den **Schnéi...**), **JUMBOKAART** oder **E-GO Kaart**

Suen? W.e.g. **38€** bis den 18.Dezember 2011 op den Compte vum Manon Fischer (CCPL LU69 1111 1943 4251 0000) mam Stëchwuert Kc2011 + Numm vum Kand iwwerweiesen.



Heimat erlaaben ech
 mengem Scout/Guide.....
 op den Krëschtcamp vum (27.-29.12.2011)
 matzegoën.

Ennerschrëft:



Back to the roots



Techuana 2012 get e Camp wou mer Konstruktiounen bauen an vill treppelen wärten, dofir, fir dat mer net grat onbehollef an ouni Plang herno do stinn, as den Chrëschtcamp dest Joer ganz am Thema Techniken. Dofir wanns du vill nei Saachen wells beiléieren oder deng Scoutstechniken nach verbessere wells ass desen Camp genau dat richtig

fir dech, dofir zeck net laang an mell dech sou seier wei meiglech un.

Weini : 16-18 Dezember 2011-11-23
Wou : Am Home LBB
Rendez-Vous: 16 Dezember um 16h00 beim Home

Retour: 18 Dezember um 17h00 beim Home

Prais : 25 EURO bis den 10. Dezember 2011 op den
Compte Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer
CCPL LU49 1111 2324 7361 0000

Souche : as och bis den 10 Dezember dei dengem
Responsablen ofzeginn

Waat brauchs du alles : Waarmen Schlofsack, Gamelle, Bierchschong
an sos nach alles wat en als Explorer eseu
brauch.



Souche- Souche- Souche- Souche- Souche- Souche- Souche- Souche-



Heimat erlaben ech mengem
Explorer mat op den
Chrëschtamp 2011 ze goen.

Ennerschreft: _____



Schlittschong Sortie Souche Beaver

Hues du loscht mat eis Schlittschongpist onsëcher ze maachen? Iwwert Eis ze rutschen wéi um Nordpol? Dann méll dëch séier fir des Sortie un!



Ufank? Den 14. Januar 2012 um 9 Auer Moies virun der Schlittschongpist op der Kockelscheier

Schluss? Den 14. Januar 2012 um 15 Auer Beim Home vun den Lions Bleus

Wat muss ech mathuelen? Waarm Kleeder, Hännschen, Mutz, Schaal,.. Eppes ze drenken, Bus Ticket, an Schlittschong wanns de deng eegen hues.

Prais? 7 Euro muss der op d'Platz matbréngen

Heimatt erlaaben ech _____ mengem Beaver
_____ den 14. Januar mat op d'Schlittschongsortie ze goen.

Ennerschrëft vun den Elteren

Beaverklack
Nora, Lena, Maiti, Vanda

Dedektiven Sortie

Fir d'Meute



Wells du eis hellefen deen
kniffelegsten Fall ze leisen,
deen dest Johonnert kennt?

Du hues d' Meiglechkeet
niewend dem Sherlock
Holmes, den drei Fragezeichen
an der Miss Marple and
Geschicht anzetrieden!

Treff : Samstes, den 14. Januar 2012 um 11 Auer
an der Staat bei der gëllener Fraa

Schluss: Samstes, den 14. Januar um 17 Auer an der
Staat bei der gëllener Fraa

Material: Dem Wieder ungepassten Kleeder, dem
Wëllefchen seng 5 Saachen, een Bidon
mat Waasser, een gudden Spürsënn

D' Souche ass bis den 7. Januar 2012 speitstens oofzeginn an 5
Euro op den Meute Compte

(CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000) ze iwwerweisen

Heimat erlaaben ech, _____ mengem
angehenden Detektiv _____ opd Sortie den 14
Januar 2012 matzegoen.

TECHUANA 2012

TECHUANA_wanter'12



TECHUANA 2012 "Der Berg ruft"



Elterenversammlung:

Dönschdes den 13.Dezember 2011 um 19:15 Auer am Home vun den Lions Bleus.

Fir déi Leit déi matginn...

(Sam, Samuel, Ludovic, Nicolas, Claude, Eric, Christophe, Sophie, Breeze, Soa, Tameng, Anoa, Mouette, Paco, Grizzly, Max, Ketty, Chouch, Maki, Manul, Kodiak, Tamia & Laska)

Dës Versammlung (fir Participants & Elteren) ass obligatorësch fir jiddereen dien matgeet an TECHUANA 2012. D'Versammlung ass, fir lerech all d'Informatiounen iwwer den Camp weiderzeginn, är perséinlech Mapp auszedeelen an dat dir nach Froën kënnst stellen.

"Mir freen eis schon op den Schnéi!
d'LBB Schnéihuesen"

P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)

Déi genee Détailer fann der an der Wandrous N°335 --> entweder 275€, 450€ oder 575€
Sinn bis spéidstens den 1.02.12 op den CCPL LU49 111 2324 7361 000 - Les Lions Bleus asbl-Explorer ze viréieren...

EXPLORER Sportsdaag

FNEL's Sportsdag

Léif Explorer, Exploretten...

Endlech gët et en nees den ExplorerSportsdaag, wou déi verschidden Unitéiten aus dem ganzen Land hieren Teamgeescht an hier Kämpfernatur ënner Beweis kënnen stellen.

Wéini? 22.Januar 2012 vun 9h30-17h00

Wou? Zu Diddeléng am Centre Hartmann

Fir kënnen deel ze huelen muss een Team aus minimum 5 & maximum 8 Explorer bestoën, an muss mat engem flotten Numm untrieden.

Waat muss du matbréngen?

Pic-Nic, Sportstenuer --> Turnschong, Sportsbox & Team T-shirt

Waasser & Uebst kritt dir op der Plaaz :=)



Wéi eng Sportarten sinn vertrueden?

Bis elo stinn nach 8 Sportarten zur Auswiel:

Vote fir déng Lieblingssportart an hellëf esou den ExplorerSportsdaag2012 mat ze gestalten.

1Hindernisparcours **2**Basket **3**Fussball **4**Handball **5**Volleyball **6**Völkerball **7**Badminton **8**Indiaca
Schéck einfach deng Top3 un explorer@fnel.lu

Wëlls du also d'Lions Bleus mat eiser Unitéit gären vertrieeden

um ExplorerSportsdaag vun der FNEL, dann so engem EX-Respo. **bis spéidstens den 31.12.2011**
bescheed, dat mir eng Ekip kënnen unmelden

Assemblée générale Lbb fir jidfereen



Mir lueden häerzlech all ons Memberen (Scouten, Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen, Pappen), Frënn, Bekannten souwéi ons "Amis des Lions Bleus" an op on

Assemblée Générale 2012

vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie
déi Freidesowes, den 27. Januar 2012
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
ofgehalen gët.

Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër frëen mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons all
Méi gin dës Assemblée sou interessant wi méiglech ze gestalten.

Programm

- 1) Begréissung an Ussproch vum Här President
- 2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
- 3) Rapport vum Här Késsier
- 4) Virstellung vum Budget 2012 - 2013
- 5) Rapport vun dénen Dammen an Hären Késsenrevisoren
- 6) Bestëmmung vun den Késsenrevisoren fir d'Joër 2012 - 2013
- 7) Rapport vun den Activitéiten vum Scoutsjoër 2011
- 8) Erneierung vum Conseil d'Administration
- 9) Verschiddenes an Gemësches


No der Versammlung huët den Conseil d'Administration den Pléséier lech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzulueden. Häibäi ergët sech och nach d'Méiglechkéit vir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Actif Memberen sin gebieden an kompletter Wanteruniforme ze kommen!**

BAACK-SORTIE

fir d'Scouten/Explorer/Rover

Grouss BAACK-Sortie'12



Wéini & wou? Samstes, den 28/01/2012 zu Bouneweg.

Ufank & Schluss? Um 9 Auer & 18 Auer zu Bouneweg, bei eisem Home.

Waat brauchst du op dëser Sortie? Daat waat en Scout, Explorer, Rover eben sou brauch op enger Sortie. E Kachschrtech, e puer Kichendicher & vill Motivation :)

Praïss? --> 7€, fir den Mëtteskascht & Co., sinn bis spéidstens den 14. Januar 2012 ze iwwerweisen op den Compte vum FISCHER Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mentioun 'BaackSortie & Numm vum Participant'

Umeldung? per Souche, bis den 14. Januar 2012 bei dengem Chef.

FIRWAAT sou eng BaackSortie?

Dës ass geduecht fir zousätzlecht d'Geld zesummen ze kréien fir den Summercamp Techuana 2012 am August vun den Scouten, Explorer & Rover.



Sou erméiglechen mer eis nach e flotten Camp T-shirt & kënnen nach zousätzlechen aaneren Programm maachen....

Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. Alleguerten (den ganzen Groupe/Elteren & Noperen) & bestellt lecker selwergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)

WEINI kritt een séng Kichelcher (kaafen)?

Är bestallten Kichelcher kënn der Samstes ëm 14Auer, 16Auer oder 18Auer beim Home oofhuelen/kaafen.

Heimat erlaaben ech _____ mengem(er) Hobbybäcker(eg)
_____ un der grousser Baack-Sortie'12 den 28. Januar 2012 deelzehuelen
Ënnerschrëft _____

--> Commande Kichelcher / commande biscuits / Commande Kichelcher / commande biscuits / Commande Kichelcher <--



Ech (Je) _____ **bestellen gären** (veux commander)

_____ x **kleng Tut** (petit sachet biscuits) **Kichelcher fir e Stéckpräiss vun 3€**

_____ x **grouss Tut** (grand sachet biscuits) **Kichelcher fir e Stéckpräiss vun 5€**



_____ Ënnerschrëft (signature) vum zukünftigen Kichelchersknabberer



~~EXPLO 2012~~

fnel_Wanter-Hike

Eng laang nët méi dogewierschten Aktivitéit gët nees aus dem Tirang gezunn, an sou gët dann dëst d'Scoutsjoër den Explo duerch den Wanter-Hike'12 remplacéiert!

Hei wärt's DU an déng Trupp op Härz & Nieren gepréift ginn, waat är Orientéierungskenntnisser & ären Teamwork ungeet. --> Wann dir also mengt kënnen matzahaalen, mat deenen aaneren Truppen vun der FNEL, an hinnen gären weist wou den Hummer hänkt, ass daat hei genee déi richtig Epreuve fir dëst ze beweisen :)

Also zéck nët laang an schreiw DECH ganz schnell an, an motiwéier déng Mat-Patouillard'en, fir dat d'blo Léiwen un den Start kënnen goën....

WÉINI?

11.02.2012 - 12.02.2012

WOU?

an der Ëmgéigend vun Grousbous beim Präizerdau

FIR WIEN?

fir déi ganz Trupp

DÉPART?

Samstes, den 11.Februar 2012 um 14Auer op der Gare de Luxembourg

RETOUR?

Sonndes, den 12.Februar 2012 um 16Auer op der Gare de Luxembourg

PRÄISS?

15€, sinn ze iwwerweisen bis den 14.Januar 2012 op den compte vum FISCHER Manon mat der Mention 'WanterHike + Numm vum participant' (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

U-MELDUNG?

per Souche, oofzeginn bei déngem Chef.


WICHTEG?

Déi ganz Aktivitéit ass dobaussen!!!

Daat heescht waarm Kleeder undoën an e Wanterschloofsaack wär och néideg, vue-que dat mer am Februar ënnerwee sinn.

MATERIAL?

PIC-NIC als Owesiessen (ënnerwee gët et nach eppes waarmes), tiptop Uniform, Carrymatt & Wanterschloofsaack, Orientéierungsgeschier, Gamelle / Becher&Kichenduch, Bidon, Taschenluucht / messer, dem Wieder Ugepassten Kleeder...



Mir zielen op DECH :)


D'A-Team

Heimat erlaaben ech _____ mengem Scout / menger Guide
_____ um WANTER-HIKE den 11.02.-12.02.2012 organiséiert
vun der FNEL ze participéieren.

Ënnerschrëft vum Responsablen



Souche Techuana 2012



„Der Berg ruft“

jo et as erëm sou wäit, mir gin dëst Scouts-Joer erëm an Techuana. Du frees dech ouni Elektresch, ouni Heizung an fléissend Waasser ze liewen dofir awer ganz vill Holz ze maachen („et get nimols Duer, Dier zou“) Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipiste ze verbréngen, einfach Wandern oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazlucht an net ze vergiessen onsen remake vun dem sensationnelen Erlebniswanderweg? Dann as daat héi genee daat richtig fir dech, méll dech sou schnell wéi meiglech un well du wes
jo: d' Plazen sin limitéiert!!!!

Wee ka mat goen: jidderén dén bis den 01.09.2011 14 Joer krut huet

Rendez-vous: 17. Februar 2012 um 18.30 Auer am Home vun de Lions Bleus

Zrëck: 26. Februar 2012 um 11.00 Auer am Home vun de Lions Bleus

Präis: Mir maachen daat och erëm wie daat lecht Joer, mir splecken de Preis op! Daat heescht 275 Euros vir Transport, lessen, Sauna a Schwammen. Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros vir de Skipass bezuelen an vir déijéng déi nach Material musse lounen mussen nach 125 Euros bezuelen.

Am Kloertext:

Déi Léit déi just gären Spadzéiren, lessen, Schwammen gin bezuelen **275 Euros**.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren, an hirt égen Skimaterial hun bezuelen **450 Euros**.


Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren, an Skimaterial op der Plaz lounen mussen, bezuelen **575 Euros** bis den 01.02.2012 mat der Mention "Techuana 2012". D'Geld ass ze lwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“

Täschegeld: dest Joer gin och 50 Euros duer

Material: Schlofsack (waarmen), Carry-Matt, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox (virdéi die eng hun), 2 puer Händschen, eng Mutz, en Schaal, Turnsclappen, déck Schong, Schwammsachen (déi an d' Sauna gin sollen 2 Dicher mathuelen), Wächsachen, Bidon, Tächelucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dén an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sin, an fir an d'Schwemm, a.s.w.....)

Elternversammlung: Vir déi Leit déi matgin as déi Versammlung obligatoresch. Si as Dënschdegs den 13. Dezember 2011 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Do kris du dir och dein perséinlechen Dossier mat der Fiche Médicale an do kennt och nach d'Kopie vun der Impfkart, d'Polizeilech Erlabnis, d'Kopie vun der Krankenkeesmatricule an d'Kopie vun der Carte d'Identité oder Pass dran.

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech erlaben mengem Scout, Explorer, Rover


.....

mat um TECHUANA-Wantercamp 2012 deelzehuelen.

D'Souche as sou schnell wei méiglech bei dengem

Chef ofzegin, **well d'Plazen sin op 20 Scouten limiteiert !!!!!**

.....



SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Explorer-Camp 2012

Velo-Camp an der Belge

Explorercamp 2012

Hues du Loscht d'nächst Joer en flotten Camp mat aneren Explorer ze erliewen, dann reservéier der direkt den Datum vum 10/03/12 an deen vum 10~14/04/2012.

Wat gëtt gemeet?: Mir maachen en Vëlos'tour duerch d'Belge an iwwer d'Plage fir all Niveau mat engem gutt gefëlltem an flotten Kader-Programm



Wéini ass dat ganzt?: De Camp ass den 10~14/04/2012

An d'Preparatioun-Sortie zu Leltz ass den 10/03/2012

Déi genau Zäit'en kritt dir nach gesot

Wat kascht dat ganzt?: De Camp kascht 300 € opgedeelt op 3x 100€ Accompme Den 1. Accompme ass net remboursable. D'Sortie kascht net extra, déi ass an den 300€ mat dran. An fir den Rescht ass och gesuecht: den Transport, de Logement, d'Iessen, all Aktivitéiten dei mer niewent dem Vëlo maachen, Ersatz-Material, a.s.w. ...

Wei kenn ech mech Umellen?: Jiddereen muss sech eenzel umellen !!! Als ugemellt gëllt een eréischt wann d'Souche (www.fnel.lu) an **Pabeierformat** an der FNEL ass an den 1. Accompte bezuelt ass. D'Platzen sinn limitéiert, an déi éischt (mat kompletter Umeldung) sinn fir.

Bis wéini muss ech ugemellt sinn?: Den Délai fir d'Souche an den 1. Accompte ass den 15 Dezember. Den 2. Accompte ass fir den 27/01/2012. Den 3. Accompte fir den 01/03/2012. Op den Compte: FNEL-Conseil technique CCPL LU56 1111 2166 1009 0000 mat der Mentioun: Explorer Camp 2012 + Numm vum Explorer + Grupp Den Daach vun der Sortie (10/03/2012) muss alles (Suen + all Pabeieren) do sinn.

Wéieng Pabeieren brauch ech?: Mol als éischt eng Souche an eng Fiche Médicale (op www.fnel.lu) . Dann déi ënner 18 Joer brauchen eng Autorisation Parentale dei vun der Gemeng ausgestallt ass: **NET** op d'FNEL ausschreiwen loossen; dees véier Nimm **mussen** drop stoen: Schubert Guy, Fischer Joël, Cigrand Romain an Fay Paul Dann mussen nach Kopien vun dëssen Kaarten gemeet gin:

Carte d'identité

Carte sécurité social

Carte de vaccination

Carte CMCM (wann een se huet)

Carte LAR (wann een se huet)

Froen kennen op explorer@fnel.lu geschéckt ginn



Lénks Patt,
Äert Explorer-Ekipp

SUMMERCAMP 2012

fir Scouten/Explorer/Rover



Gelebte Nachbarschaften

31. Juli 2012 - 13. August 2012



lo steet ët fest:

d'FNEL gët vun 3 Gruppen um Camp respresentéiert!

Les Loutres vun Miersch, den Piwitschen vun der Kap & Les Lions Bleus vun Bouneweg.

D'blo Léiwen fueren mat stolzen **36 Participant'en** op den TECHUANA SUMMER'12:

SG

Sam, Yann, Charel J., Charel S., Charel W., Harry, Joachim, Louis, Pitt, Sophie, Sarah, Max, Justin, Ruben
(Christophe, Nèkkel, Mauro, Lex & Tamia)

EX

Catherine, Ludovic, Samuel & Mika (Eric & Tahr)

RO

Nora, Lena, Maiti, Sophie, Claude, Prunelle, Michel, Breeze, Soa, Tameng & Maki



Wéini ass deen Camp genee?

Offiziellen Campdatum: 1.-12.08.2012

Mir fueren awer schon Dëschdesowes iwwert d'Nuecht dorower.

Départ --> Dëschdes owes den 31.07.2012

Retour --> Méindes moies den 13.08.2012

Präiss? **420 €**

1. Acompte: **150€ (non-remboursable)**, sinn bis spéidstens den 31.12.2011 ze iwwerweisen (*Mention: TECHUANA+Numm*), op den Compte vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000).

Elterenversammlung?

Um Enn vum 2. Trimester wäerten mir Ierch invitéieren. Den Datum kri dir nach an der nächster Wandrous matgedeelt.

BaackSortie?

Dës gët Enn Januar gemaach.

Dës ass geduecht fir zousätzlecht d'Geld zesummen ze kréien, fir evtl. e flotten Camp T-shirt maachen ze loosse & fir den Kanner nach aaneren flotten Programm um Summercamp ze bidden.... Dofir ënnerstëtzt eis ALLEGUERTEN, liest eis BaackSortieSäit & bestellt lecker selwergebaackten Kichelcher fir den gudden Zweck :)



Programm Beaver

Den Beaver - Programm

DEZEMBER:

- | | | |
|---------|---------------------------|-------------|
| 2. | Kleeschen am Home | 18:00-21:00 |
| 3. | Keng Versammlung | |
| 10. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 17.-18. | Krëschtcamp | |
| 24. | Vakanz - Keng Versammlung | |
| 31. | Vakanz - Keng Versammlung | |



JANUAR:

- | | | |
|-----|----------------------|-------------|
| 7. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 14. | Schlittschongssortie | |
| 21. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 28. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

FEBRUAR:

- | | | |
|-----|---------------------------|-------------|
| 4. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 11. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | Vakanz - Keng Versammlung | |
| 25. | Vakanz - Keng Versammlung | |

MÄRZ:

- | | | |
|---------|-------------------|-------------|
| 3. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 10. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 24. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 31.-02. | Ouschtercamp | |



Beaverklack

Lena & Nora & Maiti & Alizée

Programm Meute De Meute - Programm



Dezember

2..	Kleeschen	18:00-21:00
3.	keng Versammlung	Roverweekend
101.	Versammlung	14:00-16:00
17-19.	Chrëschtcamp	
24.	Keng Versammlung	Vakanz
31	keng Versammlung	Vakanz

Januar

7	Versammlung	14:00-16:00
14.	Sortie	?
21.	Versammlung	14:00-16:00
28.-29.	Camp	

Februar

4.	Versammlung	14:00-16:00
11.	Versammlung	14:00-16:00
18	keng Versammlung	Techuana
25.	Keng Versammlung	Techuana

März

3-4.	Siwe	
10	Sortie	
17.	Versammlung	14:00-16:00
24	Versammlung	14:00-16:00
31-2 Abrell	Ouschtercamp	,



Deng Meutecheffen: Sophie / Prunelle / Claude / Breeze/Michel

Programm Troupe den Troupe - Programm

DEZEMBER

- 2. KLEESCHEN
- 3. Keng Versammlung --> Rover-Weekend
- 10. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 17.12-1.01 Keng Versammlungen --> Krëschtvakanz
- 27.-29. KRËSCHTCAMP

JANUAR

- 7. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 14. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 21. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 27. **ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB**
- 28. BAACK-SORTIE 09:00-18:00

FEBRUAR


- 4. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 11.-12. WINTER-HIKE (FNEL)
- 18.+25. Keng Versammlungen --> Fuesvakanz
- 17.-26. TECHUANA

MÄRZ

- 3. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 10. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 17. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 24. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 31.03-15.04 Keng Versammlung --> Ouschtervakanz

ABRËLL

- 12.-14. OUSCHTERCAMP
- 21. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 28. Keng Versammlung --> RO-Weekend



Lex / Christophe / Nèkkel / Mauro

Programm Explorer

Ben Explorer - Programm



November

05.-06.	Allerhelligenweekend	
12.	Benevoler gi Gass	
19.	Sortie	
26.-27.	Schaffweekend am Home	08-17 Auer

Dezember

2.	Kleeschen am Home	
3.	Keng Versammlung	
03.-04.	Roverweekend	
10.	Explorerversammlung	14-16 Auer
16.-18.	Krëschtcamp	
24.	Keng Versammlung	

Januar

07.	Explorerversammlung	14-16 Auer
14.	Explorerversammlung	14-16 Auer
21.	Explorerversammlung	14-16 Auer
27.	AG LBB	
28.	Explorerversammlung	14-16 Auer

Februar

04.	Explorerversammlung	14-16 Auer
11.-12.	Baackweekend	
17.-26.	TECHUANA 2012 Wanter	



Fir d'Unitéit : Eric/Tameng/Tahr



Samstes, den 2 Oktober hunn mier eis Mëttes am Home zu Bouneweeg getraff, dunn sinn ma alleguer zesummen erop opd Heedekeppchen getreppelt wou mier d Fändelsspill gespilt hunn. Dei eicht Ronn war esou schnell riwwer wei een nemmen kucken konnt, d' Meedechequipe haaten et einfach ze gudd gemengt an haaten hieren Fändel en bessen ze einfach verstoppt, mais die zweet Ronn hunn sie sech dunn aver ganz tapfer geschlooen, jidereen hued haart gekämpft mais leider ass et rem net ganz duer gaang an eis Jongen hunn den Fändel fier sech gewonnen. Während die meecht aus der Meute gespilt hunn, hunn dei aal Wëllefcher dem

Prunelle gehollef d Monteesplaz fier dei „nei Wëllefcher“ opzeriichten. Wou des feadeg war hued dei ganz Meute sech op enger Feierplaz versammelt an gewaart bis lues an lues all aalen Beaver seng Montée tapfer bestaan hued, dunn hunn sie direkt hiert Versprieche gemaach an schons war eis Meute op en puer Käpp gewuess. Den Charel hued all deenen aaneren Wëllefcher nach een Deel vun der Djunglegeschicht fiergelies befier mier erem zreck Richtung Home getreppelt sinn. Ennerwee fier dohin, konnten mier aver net widderstoen een Halt op der Spillplaz ze maan. Schlussendlech sinn mier baal annerhallef Stonn do verbliwven an hunn „Zauberfänkies“ gespilt. Gudd midd an hongereg sinn mier dunn and Home gaang, wou et dunn och direkt Spaghetti z' iessen ginn ass, mhm ...



Noo den Chargen haaten nach en puer Wëllefcher Kichen ze bozen ear ma lassgetreppelt sinn fier eis verabschieden an ropp bei d Scouten ze schecken. Wuet z eschwetzen sinn mier mat Faakelen zimlech ech muss soen, datt daat schon eng grouss fier verschiddener war, an herno konnt jidereen datt en esou lang roueg konnt sinn. Unkomm bei an dem hunn mier dunn eis leif aal Wëllefcher mat



gudd mat gehollef d aal Wëllefcher ze Ganz roueg ouni een weit getreppelt an Herausforderung stolz op sech sinn dem Lex, dem Ruben schweierem Heaz op Montee gescheckt. muss soen et ass eis licht gefall sie goen



hier
Ech
net

ze loosson ... Wou ma zimlech owes spéit am Home unkomm waren an verschiddener ganz frou waren fier op eng Toilette ze kennen hunn mier gemiekt, datt mier ausgespaart waren. Eisen Retter den Lex war aver gottseidank no puer Minuten unkomm an d Wëllefcher waren esou midd datt se direkt angeschloof sinn.

Deen nächsten Daag haaten mier wonnerscheint Wieder, moies gouffen die verschidden Sizainen bekannt, sie hunn hier Nimm an Kreescher gesicht an jidereen hued

sein Beitrag fier den Cahier de Meute geschriwwen. Well deen Daag virdrun esou unstrengend war hunn dei Meescht vum gudden Wiederprofiteiert an sech esoulang gesonnt bis d Gegrills feadeg war. Noom Mëttegiessen sinn Baatchen op den Buedemgeluecht ginn an eng Schuppkar mat Seefenwaasser, an dunn war eng rieseg Lions Bleus Waasserschlacht lassgaang. Geint Veier war dunn rem baal jidereen gedrechent an dunn war den Monteesweekend och schons eriwwer.

Claude



Rapport Viz-Weekend

Rapport Viz-WE 1. Dag

Mir haten eis moies beim Home getraff.

Wéi jidfereen do war, si mir bei eng eler Damm Äppel rafe gaang. Fir t'éischten hu mir Äppel vum Buedem geraf. Dono hu mir Baatschen ausgeluet. De Grizzly an den Tahr hu mat enger laanger Eisestaang d'Beem gerëselt.

Mëttes krute mir beim Home Sandwichen a Brittzopp ziessen.

Nomëttes si mir nach op eng aner Plaz Äppel rafe gaang. An enger grousser Remorque hu mir all di Äppel op Zëtteg bei de Grizzly an d'Paco gefouert.

Als éischt hu mir eis installéiert. Mir kruten bëssen temps libre. Wat schued war: et dierfte just 3 Leit zesummen um Trampolin sprangen.

No der Montée gët et normalerweis Chipsen, Fanta, Sprite a sou gesond Saachen ze schneken. Dëst Joër war et dofir ze spéit an der Nuecht, dofir hu mir dat um Viz-WE nogeholl. Mir souzen op enger Bänk dobaussen, nieft eis stung eng finnesch Fakel - nee, déi huet den Alexis net vun doheem matbruecht... Mir hunn et genoss!

Owes hu mir en Nuetsspill gemaach. Mir sinn op d'Plaz gaang, déi virgesi war a kruten d' Spill erkläert: Et goufen 2 Equipe gemaach. Di eng war d'Equipe A, di aner B. Jidereen krut och nach eng 1 oder eng 2 op de Bak gemoolt. Gespillt gouf op 2 Terrainën, ee mi klengen an ee mi groussen. D'Equipe A misst Memory-Stécker vun enger Base op di aner Base transportéieren. Jidfereen dierft maximal 2 Memory-Stécker huelen. Mee d'Equipe B misst si opklappen. Wann engem dat gelongen ass, konnt e mat 'Schnick-schnack-schnuck' deem vun der Equipe A e Memory-Stéck ofknäppen. Wann ee kee Memory-Stéck hat, krut dee vun der Equipe B och keent!

Duerno misste mer schlofe goën. Ee Chef huet um Trampolin geschlof, mee mir duerften net

Charel Jentges

2. Tag vom Viizweekend

Wir sind morgens aus dem Schlafsack geworfen worden. Dann machten wir Frühsport und aßen unser Frühstück.

Nachdem jeder seine Gabelle gespült hatte, wurden wir in Gruppen eingeteilt. Dann machten wir verschiedene Posten. Wir machten Apfelbeignets, Apfelkuchen, Häcksler und Apfelpressen, gebackene Äpfel, Äpfelwaschen und Saft in die Flaschen füllen. Als wir damit fertig waren, aßen wir zu Mittag: Grillwürste. Dann spülten wir wieder. Anschließend kamen die Eltern, und wir aßen alles mit Äpfeln.

Charel Simonis



FOTO FENNEC

Rapport Roverquiz

Den **18. November 2011** hun sech e puer **blo Léiwen** sech op Luerentzweiler op den Wee gemaach, fier um **Roverquiz 2011** deelzehuelen.

Rendez-vous wor em halwer 7 an ech wor pünktlech do an kruut soumadder och nach direkt eng Parkplätz fierun der Dier. Ech sinn dun erop an den Sall gaangen an et waren nach net vill Lait do. E puer Gruppen wooren réicht vertraueden. Ech hun mech emgekukt, fier ze wessen wou mir géingen setzen. A schon hun ech onsen Desch fonnt an hun Plätz geholl.

Lues a lues huet sech de Sall mat deenen verschidden Gruppen gefüllt, mee keng Spuer vun mengen Gruppenkameroden. Ech hun mech e bessi alleng an verluer gefillt snif snif!!! Dunn endlech, meng Gruppenkameroden hun mech awer net am Stach geloos. Se sin do!! Den Tameng, den Tahr, d'Mouette, Tamia, den Lex, den Christophe an den Nöckel sin agefueren an mer waren komplett an den Quiz konnt vun ons aus ufänken.

Als alleréischts kruuten mer awer nach eng Stärkung. Lauter Croque-Monsieur'en hun op ons gewaard, fier giess ze gin. Et huet ons een gesoot, datt et der 500 Stéck waren. Während dem Iessen hun mir ons iwwerluecht ons Bescht desen Owend ze gin, awer em Gotteswellen net éischten gin. Ons Ziel wor déi zweet Plätz! Mool kuken waat ons desen owend bréngt.

A lass goug et. Thema vum Owend: „Kanner loosst mer löschtég sinn!“ Et gouf e Spill waat „**Dingzda**“ geheescht huet, wou Beaver 5 Begreffer erklärt hun, e **Krabbelspill**, wou drai Lait eng Ketten um Buedem op Hänn a Knéien missten maan an dobai haat deen éischten e Löffel am Mond mat enger klenger schokolaser Kugel, déi net eroof dierft faalen. Wann jo, huet deen éischten missten hannendrun goen an deen zweeten wor elo deen éischten mam Löffel am Mond an esou weider. Dest Spill hun ons 3 jonk Bouwen fier ons gewonnen. Bravo Jungs!

E weidert Spill wor **Telefon opwéckelen** (Fisher price Telefonen), déi **5 Zorten Gummibären** mat verbonnenen Aan um Goût erkennen, **Outburst** wor och e Spill, ganz traditionell **Quizfroen** (déi wooren guer net esou einfach) an **Reise nach Jerusalem** hun mer och gespillt an dest Spill huet den Tahr fier ons gewonnen, Merci Tahr! An weider goug et mat **1, 2 oder 3, letzte Chance vorbei**, esou vill wéi méiglech **Flieger aus Zeitungspabeier** bauen an se sollten dorno och fléien können an an ons Köschtl landen fier Punkten ze kréien.

E weidert Spill wor genau daat richtegt fier d'Jongen an zwar duerften se mam **Legu en Auto bauen**. Dest wor awer net esou einfach, well et haat een eng Foto, wou den Legosauto vun 3 Seiten fotograféiert gouf an deen huet missten deem aaneren, deen d'Legosstecker haat an hand vun deser Foto esou gud erklären, daat ganzt ouni Zifferen an Faarwen, datt deen aaneren et versteht an den Auto richtegt zesummen baut. Guer net esou einfach.

Dann gouf et och nach e **Wettiessen**, en Dickmann, eng Zockerspaghetti an zum Schluss en Leibnizkeks, mat verbonnenen Aan dem **Iesel Ia sain Schwanz** erem op seng Plätz pieksen (dest wor katastrophal, dat esou guer een iwwert



Rapport Roverquiz

Still gefall ass an sech bestëmmt gud wéi gedoen huet). E ganz witzegt Spill wor awer **Kaarten weider gin mam Mond**, daat heescht am Saugen weider gin. Do ass déi eng oder aaner Kaart gefall an Participanten hun sech onfreiwillig gekusst. Waat ass bei deem Spill gud gelaacht gin.

Zum Schluss gouf et nach eng **letzebuergesch Geschicht**, erzielt vun onsem Moderator. Des **Geschicht** nennt sech: eng **tragesch Liebesgeschichte**. An deser **Geschicht** waren lauter englesch oder daitsch Liddertexter verstoppt, déi mir hun missten erausfannen an benennen. Sie hun den Tittel vum Text an den Interprete vum Lidd gebraucht. Desst wor guer net esou einfach an d'**Geschicht** gouf zwee Mool erzielt. déi mir hun missten erausfannen an benennen. Sie hun den Tittel vum Text an den Interprete vum Lidd gebraucht. Desst wor guer net esou einfach an d'**Geschicht** gouf zwee Mool erzielt.

Elo hun ech bestëmmt daat eent oder aanert flott Spill vergiess ze erwähnen, mä et fällt mer elo keent méi an. Fier all Punkt kruuten mer och emmer genau esou vill Kamellen. Knaschtkamellen. Mmmmmh!!

Mir hun ons prächtig amüséiert, och wann mer net emmer mat allem averstaanen waren oder wann verschidden Gruppen gemengt hun, sie missten fuddelen an dann aggressiv reagéieren an behaupten mir wieren schlecht Verléierer. Hahahahaha.


Fier erem op ons Ziel zeréck ze kommen an zwar di 2. Plazt gouf emmer méi brenzëlleg. Während dem Quiz huet Fabienne munchmool den Zweschenstand gesoot, an mir wooren emmer fier mat bai. Entweder di 2. Oder di 3. Plazt. Zum Schluss goug et em d'Wurscht an mer kruuten gesoot, datt sech nach alles kéint wenden. Upps elo gouf et eescht. Obwuel mer net éischten wollten ginn, woor daat léscht Spill (**Geschicht**) awer erem esou flott, datt mer erem voll an onsem Element waren an mer wollten trotzdeem esou vill wéi méiglech Lidder erkennen. Mir hun ons Bescht gemaach.

Elo kouw dunn Resultaat. Op dretter plazt kowen **Stengeforter Deckelsmouken**, op zweeter Plazt???? **Les Lions Bleus!!!!** Ufffff!!! Gewonnen hun **Les Aigles!!!** Mir gin bei d' Aigles schalalalalala!!!

Ons Ziel wor erreecht an mir mussen den Roverquiz 2012 net organiséieren. Merci un Organioun fier deen flotten owend an bis geschwenn.





Text: Nandu

Foto: Franky



Dem LIB séng BB-Säit

Baack&Bastel Säit



VANILLEKIPFERLbaacken

Zutaten:

560g Miel
160g Zocker
400g Botter
200g gemuehlen Hueselnëss
Pudderzocker, Vanillzocker

P.S. Ët kann een dëst Rezept awer och mat Wuëlnëss, Mandelen & Cacahuetten maan...

Verkniet d'Miel, den Zocker, den kleng geschniddenen Botter an d'Nëss zu engem Deeg an stell dësen dono fir eng Stonn kaal. No dëser Oofkilling den Deeg eraushuelen an zu Kipferl formen, an op Baackblecher verdeelen (*déi mer während der Paus mat Baackpabeier ausgeluecht hun*) D'Vanillekipferl ginn dann fir 10-15 Minuten (*je no hierer Gréisst*) bei 175° Umluft gebaack.

Fir se oofkillen ze loosse, zéien mer einfach den Baackpabeier vum Blech an siften dono d'Zockermëschung driwwer. Wann se ganz oofgekillt sinn, an eng flott Këscht domat an dann:

Gudden

Appetit

gewënscht



KERZENHALTER

bastelen

Material:

Goldfolie an zwou Faarwen
Bläistëft, Zirkel,
Geodreieck, Schéier
Téiliichen

Zeechen zwee Kreesser mat engem Radius vun 6cm op, an schneid déi dann eraus.

Op all Krees kënnst lo en Bannenkrees vun 2cm, an dono zeechens de déi senkrecht / waagrecht Mëttellinn am Krees an. Dozwëschen zeechens de nach jeweils eng Linn. Dono schneits de dës Linnen mat dénger Schéier bis zum Bannenkrees an.

Mat Hëllef vun déngem Bläistëft, rulls de déi Stécker jeweils vun lénks & riets iwwer d'Spëtz. Dëst mëss de och mat all deenen aaneren. Form deen aaneren Krees genau sou zum Stär. Lo lee déi zwee versaat anenaaner an stell eng Téillichter drop.

Schon ass romantësch Krëschtstëmmung



Kalenner 2012

Jo en ass **elo do**, den neien FNEL's Kalenner fir d'Joër 2012. E wichtegt Stëck, daat an kengem Haus dierf feelen. Praktësch ass en och nach dobai, well dir kënnt lech all d'Lions Bleus Datumer hei dran vermierken wéi och är Privat.

Wou krid ën daat gudd Stëck?

Natiirlech bei eis am Lions Bleus Shop fir ganzer **5€**.

Dat mer nët drop sëtzen bleiwen ginn et just 100 Lions Bleus Exemplairen. Dofir réservéier dir dän Kalenner schons.



Léiwenfest

Annulation 16/07/2011

MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI ...

--> Mir soën all deenen Léit en groussen déi eis hiert Participationsgeld als Don gespennt hun, an hoffen lerch alleguerten nees am Juli rëmzegesinn :)

MERCI



...MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI MERCI

Cotisation 2012

Cotisation 2012

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un (WOW)
Wéi all Joër ass d'Cotisation fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000** vun den **Lions Bleus** ze iwwerweisen.
Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akcident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spët iwwerweisen, oder soss opwenneg juristësch Schrëtter ënnerhuelen, ass all Member gebieden séng Cotisation soubal ze iwwerweisen wéi dat d'Memberskaart ukënnt.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2012 zou, ieren dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:
03/12/2011 - 14/01/12 - 11/02/12 - 03/03/2012 - 17/03/2012

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:30 - 19:30

- 08/12/2011	- 09/02/2012
- 19/01/2012	- 01/03/2012
- 26/01/2012	- 08/03/2012
- 02/02/2012	- 15/03/2012

ALLGEMENG Datumer:

01/12/2011	Soirée Chef de groupes	03/03/2012	FormationsSortie SG/EX
14/12/2011	Verre de l'amitié	3-4/03/2012	SiWe fir LX
22/01/2012	Explorer Sportsdaag zu Diddeléng	10-11/03/2012	PréparationsWE Veloscamp EX
28/01/2012	Wëldiessen	24-25/03/2012	Bosses & Bobos
4-5/02/2012	Tronc commun	31-03/04/2012	FormationsCamp Leadership
11-12/02/2012	FormationsWeekend BV	06-09/04/2012	FormationsCamp EX
11-12/02/2012	Wanter Hike SG	10-14/04/2012	VelosCamp an d'Belge EX
16/02/2012	Réunion semestrielle zu Steesel	21-22/04/2012	Bosses & Bobos

100 Joër FNEL, daat gët gefeiert!

1914 Den Scoutissëm kënnt aus England an de Grand-Duché!!! **2014** feiert d'FNEL-->éischt Scouten zu Lëtzebuerg, hieren 100.Gebuerstdaag. An well mir daat anstänneg feieren wëllen, fänken mir elo un mat plangen. En groussen Camp zu Lëtzebuerg an vill aaner Aktivitéiten stinn um Programm.

Du wëlls eng Hand mat unpaaken? Flott! Mir sichen motivéiert Scoutscheffen & Léit déi sëch wëllen engagieren!(TopStaffCampCentenaire,ProjectManagerCentenaire FNEL...) Déi 1.Reunioun 'Centenaire' ass Dëschdes, den 24.Januar 2012 um 19h30 am QG FNEL. **Intéresséiert?** Dann mell dech bis den 1.01.2012 un op centenaire@fnel.lu & schreiw däin Interessigebit mat an d'Umeldung. **MERCI...**

et schengt

et schengt

- 01) wéi wann den Mtr gedeeft ginn wier
- 02) wéi wann Explorer 5 Stonnen géifen brauchen fir 0 km ze goen
- 03) wéi wann Formation vun den Scouten an Explorer ënnert den Thema BIO gestaanen hätt
- 04) wéi wann Trek an Specialized besser wieren ewei Scott
- 05) en jonken Truppechef sech heinzdo geif iwwerschätzen
- 06) wéi wann verschidden Scouten schon eng Affektskarriere géifen ustriewen
- 07) wéi wann d'Formateuren ze bequem wieren fir dobaussen bei hieren Kandidaten ze schloofen
- 08) wéi wann d'FNEL an punkto Hëllefsbereitschaft forfaît (3-0) géint d'LGS gewonnen hätt
- 09) wéi wann Lions BLEus emmer hier Zieler errechen
- 10) wéi wann een um Viiz Weekend beim Grizzly an der Scheier ganz frei erwescht gëtt
- 11) wéi wann Zuchlin Letzebuerg-Esch engkeier kuerz zum Arleien komm wier
- 12) wéi wann am Hiescht nach zimlech gudd wieder gewiecht wier
- 13) wéi wann d'LX-Formation een succès gewierscht wier
- 14) wéi wann d'Wëllefcherscheffen reckweih hätten
- 15) wéi wann zimelech vill Wëllefcher den Schwammbadge gemaach hetten
- 16) wéi wann deen néien Gruppenchef sech och gudd als Becker geing maan
- 17) wéi wann een an der Belge keen Beier dieft op der Stroos drenken
- 18) wéi wann een op enger B net vill Mathé mecht
- 19) wéi wann d'Explorer sech op d'Sich nom sëffge Secrets gemaat hun
- 20) wéi wann am Januar eng weider Editioun füm Bunny in the Snow soll stattfannen
- 21) wéi wann den Oberbeaverchef elo deen drëtten Führerschainsxamen annuleiert krit hätt

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann daat net schlemm wier well den Daag souwisou schon's futti ass
- 02) wéi wann Esch sou grous waer
- 03) dass daat nächst Joer de Präis misst verduebelt gin wél daat ganz net mei ze finanzeieren wier
- 04) wéi wann Schrauwen einfach esou geifen wësch briechen an en dann den Velo misst droen
- 05) wéi wann en anerer geif auslaachen an duerno selwer mat der Pans an der Baach läit
- 06) wéi wann dass en Breiwe un de Gruppechef diplomatesch an grammatikalesch immens raich wier
- 07) wéi wann sie léiwer dobannen bei hierem ganzen Büromaterial schloofen géifen
- 08) wéi wann mir 3 Scoutschalets fir Réfugiéen zur Verfügung gestallt hätten
- 09) wéi wann Lions Bleus, wéi gewollt an geplangt, zweeten beim Rover-Quiz gin sin
- 10) wéi wann den männlechen Poulet schon um 4 an der Nuecht ufenkt mat krähen
- 11) wéi wann d'Explorer sech op der CFL-cargo-Gare verlaaf hätten
- 12) wéi wann ma eng Gruppenwasserschlacht maachen konnten
- 13) wéi wann mir een gudden souvenir dovunner hätten
- 14) wéi wann se dréi Stonnen mat den Wëllefcher geplanscht hätten
- 15) wéi wann se deen och gepakt hätten
- 16) wéi wann sein Gebäck nëmmen un Erwuessener geriicht wier
- 17) wéi wann d'Police engem daat direkt seet
- 18) wéi wann Gedeelt net daat selwescht ass wei Mol
- 19) wéi wann schons Pannik entstan as dass se net 10 Léit géifen zesummen kréien fir d 'Sortie ze garantéieren
- 20) wéi wann de Bunny fir d 'Joer 2012 op Eis geluercht gin as an das fläischt eng weider Editioun am Joer 2013 as
- 21) wéi wann dass den Fahrlehrer d'Aen zou mescht an ufänkt mat bieten wann déi Persoun hannert d'Steier klemmt

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane - MM Schintgen Chouch - Famille Reiniers - Thein Pit - Bauler Fränk - Sirazki - Famille Sinner - Cahen

D' Wandrous no 335 as zesummengesatgin a fortgeschéckt gin: Lex, Christophe, Eric, Nöckel a Mauro

Un der WANDROUS N°336 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Tamia / Kodiak / Charel Jentges / Charel Simonis / Claude Müller / Nandu / Chouch a Fennec

Programm Wandrous

Den 3. Meint-Programm

dezember'11			januar'12			februar'12		
Do	1		So	1		Me	1	
Fr	2	KLEESCHEN	Mo	2		Do	2	Permanence
Sa	3	keng Versammlungen LBB RO-Weekend	Di	3		Fr	3	
So	4	LBB RO-Weekend	Me	4	Permanence	Sa	4	Beaver/Meute/Patrull/Explorer
Mo	5		Do	5		So	5	
Di	6		Fr	6		Mo	6	
Me	7	Permanence	Sa	7	Beaver/Meute/Trupp/Explorer	Di	7	
Do	8		So	8		Me	8	Permanence
Fr	9		Mo	9		Do	9	
Sa	10	Beaver/Meute/Patrull/Explorer	Di	10		Fr	10	
So	11		Me	11	Permanence	Sa	11	Beaver/Meute/Explorer SG Winter-Hike
Mo	12		Do	12		So	12	SG Winter-Hike
Di	13		Fr	13		Mo	13	
Me	14	FNEL Verre de l'amitié Permanence	Sa	14	Patrull/Explorer BV-SORTIE & LX-SORTIE	Di	14	
Do	15	Comité	So	15		Me	15	Permanence
Fr	16	EX-CAMP	Mo	16		Do	16	FNEL Réunion semestrielle
Sa	17	BV-WEEKEND LX-CAMP & EX-CAMP	Di	17		Fr	17	TECHUANA Winter
So	18	BV-WEEKEND LX-CAMP & EX-CAMP	Me	18	Permanence	Sa	18	TECHUANA Winter
Mo	19	LX-CAMP	Do	19	Comité	So	19	TECHUANA Winter
Di	20		Fr	20	Wandrouseinsendeschluss	Mo	20	TECHUANA Winter
Me	21		Sa	21	Beaver/Meute/Patrull EX-SPORTSDAAG	Di	21	TECHUANA Winter
Do	22		So	22		Me	22	TECHUANA Winter
Fr	23		Mo	23		Do	23	TECHUANA Winter
Sa	24		Di	24		Fr	24	TECHUANA Winter
So	25		Me	25	Permanence	Sa	25	TECHUANA Winter
Mo	26		Do	26		So	26	TECHUANA Winter
Di	27	SG-CAMP	Fr	27	ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB Wandrousredaktionsschluss	Mo	27	
Me	28	SG-CAMP	Sa	28	Beaver/Meute/Explorer SG BAACK-SORTIE LX-WEEKEND	Di	28	
Do	29	SG-CAMP	So	29	LX-WEEKEND	Me	29	Permanence
Fr	30		Mo	30				
Sa	31		Di	31				

Allerläscht Wandrous - Sait

www.lionsbleus.lu



fne! 
scouts & guides



HALLI, HALLO, ICI PICILI!*



* THAT'S ALL FOLKS